N°1681
Entrée le 17.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung a vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n°1681 vum 18. Dezember 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d' « Interdiction d'animaux dans les logements sociaux ».**

**Bei wéi engen staatlech finanzéierten oder subventionéierte Servicer, déi Wunnengen verlounen, sierf et de Fonds du Logement, Asylheemer oder aaner Systemer, wéi iwwert d'Gestion locative sociale (GLS) verlounte Wunnengen, ginn et Hausdéierverbueter?**

Bei der SNHBM sinn Hausdéiere laut Contrat de Bail a Règlement d'ordre intérieur verbueden. Exceptioune ginn allerdéngs gemaach, wann e besoin médical vun engem Spezialist validéiert goufen.

An de Locatiounswunnenge vum Fonds du Logement si Leit mat Hausdéieren net ausgeschloss. Laut Contrat de Bail gëllt dëst ënnert der Viraussetzung, datt dës Hausdéiere weder d'Wunneng beschiedegen, nach Matbewunner stéieren.

De Ministère huet eng grouss Unzuel vu Partner an der Gestioun locative sociale, esou dass et hei keng eenheetlech Informatioun gëtt.

An de Strukture vum Office national d'accueil sinn Hausdéiere laut Règlement d'ordre intérieur verbueden.

Lëtzebuerg, den 17. Januar 2025
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch